piraten.lu

N°2896
Entrée le 18.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.09.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Justiz weiderzeleeden.**

Wien sech mat Leit an de Miseler Grenzgemengen ënnerhält, dee gëtt gewuer, dass et an de leschte Wochen eng gutt Unzuel un Iwwerfäll an Abréch zu Réimech gouf. Dëst ass keng nei Situatioun. A menger Fro n°7125 vun 2022, hat ech schonns op d'Entwécklung vun der ëffentlecher Sécherheet, grad am Raum Réimech, opmierksam gemaach.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kënnen d'Ministeren den nämmlechten Tableau virleeën, wéi an der Äntwert op d'Fro n°7125, dëst fir d'Joren 2019 bis 2025 fir d'Gemenge Réimech, Lëtzebuerg (Stater Gare eenzel), Déifferdeng, Péiteng, Esch/Uelzecht, Dikrech an Ettelbréck?

2. Hunn d'Police- an d'Justizautoritéite Kenntnis dovunner, ob zu Réimech an de leschte Jore Fäll vun illegale Waffegebrauch passéiert sinn?

3. Goufen an de leschten Joren Fäll vun Prostitutioun an Proxinetismus an de Grenzgemengen mat Däitschland? Falls jo, kënnen d'Ministeren hei Zuelen virleeën fir d'Joren 2019 bis 2025?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés